

ADR: Keng Politiséierung vum Nationalfeierdag!

Wat d'Neiorganisatioun vun de Feierlechkeete fir de Nationalfeierdag ugeet, ass d'Aféiere vun enger ziviller Zeremonie an d'Sträiche vum *Te Deum* als offiziell Zeremonie als grouss Errongenschaft vu der Gambia-Koalitioun duergestallt ginn. Nom drëtte Joer vun deem Experiment, huet de Nationalkomitee vun der ADR eng Analys gemaach an eng Bilanz vun där Neierung gezunn.

Déi zivil Zeremonie huet sech bedauerlecherweis zu enger Propaganda-Veranstaltung entwéckelt, wou d'Regierung, respektiv de Chamberpresident, hir politesch Vue presentéieren. An den Aen vun der ADR misste Rieden, déi um Nationalfeierdag gehale ginn, awer politesch neutral sinn, sech op d'Natioun bezéien, ouni Dagespolitik ze maachen, an sech mat dem néidege Respekt op de Groussherzog an d'Monarchie bezéien. Et däerf net vergiess ginn, datt eisen Nationalfeierdag déi offiziell Feier fir de Gebuertsdag vum Groussherzog ass.

Sollt de Groussherzog selwer eng Ried halen, da misst am Virfeld kloer sinn, datt de Premier déi politesch Verantwortung fir déi Ried dréit, sou wéi dat och bei auslännesche Monarchien de Fall ass. Et däerf net sinn, datt d'Funktioon an de Prestige vum Staatschef ouni Kommentar dofir mëssbraucht ginn, fir politesch Message vun der Regierung ze propagéieren.

Déi Politiséierung vun der ziviller Zeremonie um nationalen Niveau huet leider och schon Repercussiounen um kommunalen Niveau. D'ADR setzt sech dofir an, datt och an de Gemengen de Nationalfeierdag mat Dignitéit gefeiert gëtt an net zu wahlkampfpoliteschen Zwecker denaturéiert gëtt.

Wéi den *Te Deum* nach déi eenzeg grouss Feier war, war dës wierdeg Zeremonie dene lénke Parteien, der DP, der LSAP an deene Gréngen, en Dar am Aen: aus Neutralitéitsgrënn an aus Respekt virun Net-Gleewegen. An der Zivilfeier schéngt et awer elo sou ze sinn, datt d'Neutralitéit net méi esou wichteg ass, esou laang do déi politesch Iddie vun deene selwechte Parteie kënnen duergestallt ginn.

D'ADR huet och Bedenken, datt den europäesche Fändel an déi europäesch Hymn ëmmer méi als gläichberechtegt mat dem nationale Fändel an der Nationalhymn behandelt ginn. D'ADR ass net géint den europäesche Fändel oder d'Europahymn, mee verlaangt, datt en adäquate protokollareschen Ënnerscheid zu den nationale Symboler gemaach gëtt. Dat muss sech och am Oflaf vun der Zeremonie däitlech weisen. D'ADR rifft an Erënnerung, datt d'Aféiere vun engem europäesche Fändel an enger europäescher Hymn aus dem „Traité constitutionnel“ huet missen eraus geholl ginn an dowéinst net méi am Lissabon-Vertrag figuréieren.

De Nationalkomitee vun der ADR bedauert no senger Sëtzung vum 27. Juni 2016 awer besonnesch, datt den Haaptmessage vum Nationalfeierdag net méi genuch eriwwer kënnt: eng Lëtzebuerger Natioun déi sech op sech besënnt, hir Verbondenheet mat der Monarchie feiert an d'Léift zur Heemecht héich hält.